/// NEIE GEMENGENATELIER

Wat ass lass mam neie Gemengenatelier?

Eis Pompjeeë sinn zënter Méint an den neien Bau agezunn. D'Gebai vun de Gemengeservicer (Atelier a Garagen), wat zur gläicher Zäit gebaut gouf, ass nach ëmmer net fäerdeg. Den Terrain war vun der fréierer CSV Majoritéit kaf ginn a virun de leschte Walen waren d'Pläng scho fäerdeg. Zënter méi wéi engem Joer schéngt do näischt méi ze geschéien. D'CSV Oppositioun huet schonn zwee mol am Gemengerot gefrot firwat dee Chantier net virugeet. De Schäfferot huet sech déi zwou Kéiere gereizt gewisen a just gesot, datt et eigentlech kee Problem géif ginn an datt d'technescht Personal vun der Gemeng géing derfir suergen, datt alles géing klappen. Mir gesinn alt erëm eng Kéier, datt d'Majoritéit eis net informéiert obscho mer ee Recht dorop hunn.

Énigme autour de l'atelier communal

Alors que le bâtiment du Centre d'Incendie et de Secours de Dippach (CISDIPP) est opérationnel depuis des mois, les ateliers et garages pour les services techniques communaux, situés en face du bâtiment des pompiers et réalisés dans un même projet dont les plans avaient déjà été finalisés par l'ancienne majorité CSV, ne sont toujours pas terminés. Pire, depuis un an, plus rien ne semble évoluer. L'opposition CSV du Conseil communal a posé à deux reprises des questions sur les raisons de cet arrêt des travaux. Le Collège échevinal s'est montré assez irrité à ces deux reprises et a répondu, qu'au fond il n'y avait pas de problème et que les responsables du service technique veillaient au bon déroulement du chantier. Une fois de plus, nous constatons que la majorité refuse de nous informer, alors que c'est un droit élémentaire du conseiller.

/// INFORMATIOUN AN TRANSPARENZ

Dat war der aktueller Majoritéit hire Slogan virun de Walen. No de Walen ass dovunner näischt iwwreg bliwwen. D'ganz Politik esou wéi d'Ausaarbechten an d'Diskutéieren vun alle Projete ginn hanner zouen Dieren an am zouene Krees vun der Majoritéit gemaach. Keng Informatioun sickert no baussen. D'Projete gi geheim preparéiert an chiffréiert. Den Titel vum Projet, ouni Detail an Informatioun fënnt d'Oppositioun dann am Budget, 5 Deeg virun der Sitzung. An der Gemengerotssëtzung wou de Budget gestëmmt gëtt, duerfen d'Conseilljeeën Froën iwwert déi Ausgaben stellen, kréien awer nëmmen spärlech Äntwerten, ouni Detailer, Pläng oder Schemaen. Et ass also nëmme logesch datt d'CSV-Oppositioun ënnert deenen Ëmstänn kee Budget ka matdroen.

INFORMATIONS ET TRANSPARENCE

Tel était le slogan de la majorité au début du mandat. Il n'en est rien. Toute la politique ainsi que la préparation des différents projets se font à portes closes en cercle fermé. Aucune information ne diffuse. Les projets sont préparés en grand secret et le coût en est chiffré. Le libellé de chaque projet, sans aucun détail ou information, se retrouve au budget à voter remis aux conseillers de l'opposition cinq jours avant le vote. Lors de la réunion du conseil communal, les conseillers de l'opposition peuvent poser les questions y relatives, mais obtiennent des réponses sommaires sans détails, plans ou schémas. Il est donc totalement logique, que sous ces conditions, l'opposition ainsi humiliée ne puisse cautionner ce budget.

/// NEIE MEMBER AM KOMITE VUN DER CSV-DIPPECH

Dr. med. Hernán Henriquez Kries

Hier etwas zu meiner Person:

Also ich bin 50 Jahre alt. Ich bin verheiratet und habe 2 Töchter. Ich lebe seit 2002 in Luxembourg. Seit 2006 wohnen wir in Schouweiler. Ich bin vom Beruf Facharzt für Kinder und Jugendmedizin. Meine Praxis ist in Niederkorn.

Ich bin bei der CSV, weil ich glaube, dass diese Partei meinen Überzeugungen am besten gerecht wird.

Quelques détails quant à ma personne:

J'ai 50 ans, je suis marié et père de deux filles. Nous habitons le Luxembourg depuis 2002 et à Schouweiler depuis 2006. Je suis pédiatre et aussi spécialisé en médecine pour jeunes. J'ai établi mon cabinet de médecin à Niedercorn.

Je suis membre du CSV, car je trouve que ce parti défend au mieux mes opinions personnelles.

Ënnert der Responsabilitéit vun der CSV Sektioun Dippech

OP DE PUNKT.

KONTAKT- AN INFORMATIOUNSBLAT VUN DER CSV DIPPECH /// **MÄERZ 2017**

/// GENERALVERSAMMLUNG VUN DER CSV SEKTIOUN DIPPECH DEN 01.03.2017

Den 1. Mäerz hat d'CSV Sektioun Dippech seng Generalversammlung. Siwe Memberen sinn geéiert an felicitéiert ginn, fir hir laang Treiheet un der CSV. Si kruten e Cadeau an en Certificat iwwerreecht. Et sinn: Den Här an d'Mme. Alphonse Dominicy-Urbany (fir 55 Joer), den Här Joël Gilles, d'Mme. Sylvie Kariger-Delhalt, den Här. François Theis, den är Hubert van Wissen an den Här Erny Weber, (fir 30 Joer).

Le 1er mars a eu lieu l'assemblée générale du CSV-section Dippach. Sept membres ont été honorés et félicités pour leur fidélité. Ils ont reçu un cadeau et un certificat. Il s'agit de M. et Mme. Alphonse Dominicy-Urbany (pour 55 ans), M. Joël Gilles, Mme. Sylvie Kariger-Delhalt, M. FrançoisTheis, M. Hubert van Wissen et de M. Erny Weber, (pour 30 ans).

/// INFRASTRUKTUREN FIR DEN 3. ALTER A BEZUELBARE WUNNRAUM FIR DÉI JONK

Zu Betteng sinn d'Gebailechkeete wou d'Pompjeeën waren, virun e puer Méint fräi ginn, well si an dee neie Bau op der Dräikantonsstrooss bei Dippech agezu sinn. D'Schoulgebai zu Betteng, wou de Precoce dra war, ass och vu Juli un net méi genotzt. Déi zwee Gebaier stinn op engem Terrain vun 12 Ar.

Zu Schuller ginn d'Hale mat dem Gemengenatelier an Depot an der Tajel, op engem Terrain vun 21 Ar, geschwë fräi, wéinstens menge mir dat (cf, Artikel „Waat as lass mam neie Gemengenatelier?")

Esou wäit mir informéiert sinn gëtt et kee Projet fir déi 2 Terrainen. Dat ass erëm vill Zäit déi verluer ass! Majoritéit schlooft Dir oder hutt Dir keng Iddien? D'CSV-Sektioun Dippech, engagéiert sech, datt déi Terrainen, déi iwwregens gutt leien, sollen genotzt ginn fir betreit Wunnen fir den 3. Alter a fir bezuelbare Wunnraum fir jonk Leit ze schafen fir hinnen et esou ze erméiglechen, an eiser Gemeng wunnen ze bleiwen!

DES INFRASTRUCTURES POUR LE 3E ÂGE ET DES LOGEMENTS À COÛT MODÉRÉ POUR LES JEUNES

À Bettange, les bâtiments libérés par les sapeurs-pompiers qui ont déménagé dans la nouvelle caserne sur la route des trois cantons près de Dippach, sont vides depuis des mois. Il en est de même pour l'ancienne école primaire de Bettange qui était occupée par l'enseignement précoce jusqu'en juillet de l'année passée. Le terrain en question a plus de 12 ares.

À Schouweiler, les anciens ateliers et dépôts de la régie communale, établis sur une surface de plus de 21 ares seront libérés par les services communaux d'ici peu, du moins nous l'espérons. (voir article ci-contre « Énigme autour de l'atelier communal »)

À notre connaissance aucun projet concret n'existe pour ces terrains. C'est beaucoup de temps perdu! Majorité dormez-vous ou n'avez-vous pas d'idées?

Le CSV-section de Dippach demande que ces terrains, qui sont d'ailleurs très bien situés, soient utilisés pour y construire des structures d'hébergement pour personnes âgées et des logements à coût modéré permettant aux jeunes de maintenir leur résidence au sein de la Commune de Dippach.

CSV

/// BRUTAALT ERWÄCHEN VUM SCHÄFFEROT

D'Konzept vum neie Waasserbaseng war schonn ënnert der virechter CSV-Majoritéit festgehale ginn. Momentan ass de Bau bal fäerdeg. Et gëtt ee Baseng héich an der Luucht, deen ee gutt vu wäit gesäit, fir datt déi méi héich geleeën Deeler vun der Gemeng en normalen Drock op der Waasserleitung hunn, an et gëtt en zweete Behälter um Niveau vum Buedem, deen d'Waasser an déi méi niddreg Deeler vun der Gemeng aspeist (Sprénkeng, Betteng an déi méi déif Quartieren vu Schuller). Fir déi zwee Netzer, mat verschiddenem Drock am Ausgank vum Baseng ze trennen mussen nach Verbindungsleitunge geluecht ginn. Et sinn Aarbechten fir 840 000 € virgesinn, wat weist wéi vill Aarbechten do ze maache sinn.

Mee voilà! D'Majoritéit huet ganz vergiess dës Aarbechten mat Zäiten unzefänken, well d'Aarbechte solle jo virun de Walen fäerdeg sinn, fir datt den Tuerm nach ka virum Waldag ageweit ginn.

Do gouf awer elo alles op der Gemeng a Bewegung gesat. Prioritéit Nummer 1! De Gemengerot krut de Projet den 16. Dezember 2016 ze stëmmen. Ganz décken Damp gouf derhannert gemaach an d'Gemengerotsdélibératioun war genau ee Mount duerno mat allen Autorisatiounen vun de staatlechen Instanzen erëm. Déi Vitesse do ass rekordverdächteg! D'Annoncen an der Zeitung si gemaach, a wann alles gutt geet wäert d'Commande Enn Mäerz oder Ufank Abrëll eraus goen. Den Entrepreneur muss och zur gläicher Zäit op méi Plaze schaffen, soss ginn d'Aarbechten net fäerdeg. Also kënnt nëmmen eng begrenzten Zuel Entreprisen a Fro. Duerch de Mount Frascht wou am Bau net geschafft gouf, sinn d'Entrepreneure mat der Aarbecht hannendran. D'Konjunctur am Bau dréit wéi scho laang net méi. Do loosse sech d'Entreprise gär d'Hetz bezuelen. Mol kucken op d'Zomm aus dem Budget duergeet. Wann net, da bezilt de Steierzueler de Feeler vun der Majoritéit deier.

RÉVEIL EN SURSAUT DU COLLÈGE ÉCHEVINAL

La conception du nouveau château d'eau avait été réalisée par l'ancienne majorité CSV. Le projet est en construction actuellement et les travaux seront terminés dans quelques mois. La tour compte deux réservoirs d'eau. L'un se situe sur la partie supérieure, bien visible de loin, à architecture particulière avec le réservoir en porte-à-faux. Cette cuve servira à alimenter en eau les quartiers sur les parties hautes de notre commune. Le deuxième réservoir, plus grand, à hauteur du sol, alimentera les parties basses de la commune (surtout Sprinkange, Bettange et une partie de Schouweiler). Afin de réaliser cela, des travaux assez conséquents doivent être réalisés, afin de séparer les deux réseaux qui auront des pressions différentes au départ du château d'eau. L'envergure des travaux se chiffre à 840 000 €, ce qui montre l'importance des travaux à réaliser.

Mais voilà ! La majorité avait tout simplement oublié de faire démarrer ces travaux à temps, pour qu'ils soient terminés avec la mise en service du nouveau château d'eau, avec inauguration juste avant les élections.

Alors, grand branle-bas de combat à la mairie ! Vote du projet le 16 décembre 2016. La délibération a passé tous les services communaux et étatiques en moins d'un mois, ce qui nous semble un record, du jamais vu ! Les avis de marché (appels d'offres) ont été publiés et l'entreprise qui sera chargée d'exécuter les travaux devra mettre plusieurs équipes complètes avec matériel à différents endroits de la commune pour respecter les délais impartis. Seul hic : La bonne conjoncture du secteur de la construction et les temps perdus pour intempéries feront qu'il n'y aura probablement pas beaucoup d'entreprises capables de réaliser les travaux de cette envergure dans les délais désirés, à moins de pouvoir y faire un bénéfice considérable en retardant les travaux chez d'autres clients. Il y a du dépassement de budget en l'air …

C'est ainsi que le contribuable risquera de payer cher l'«oubli » de la majorité de ne pas avoir lancé le projet il y a un an.

/// GROUSSE LUEF FIR D'REFORM VUN DE GEMENGEFINANZEN?

De Schäfferot lueft d'Reform vun de Gemengefinanze staark. Duerch déi nei Opdeelung vun de staatleche Suen un d'Gemengen kritt d'Gemeng Dippech esouguer eméineg méi eraus wéi virdrun. Wann een awer d'Lëscht kuckt mat den Zommen déi all Gemeng pro Awunner kritt, da constatéiert een, datt d'Gemeng Dippech op der 101. Plaz ass vun 105 Gemengen. Et gëtt also nach 4 Gemengen, déi pro Awunner nach manner kréie wéi mir. Dat ass keng Ursaach sech ze freeën an décke Luef fir d'Reform auszespriechen, wéi eis Majoritéit dat mécht!

PLEIN D'ÉLOGES POUR LA RÉFORME DES FINANCES COMMUNALES?

Suite à la réforme des finances communales, le Collège échevinal ne manque pas d'éloges pour cette réforme du gouvernement en place, qui gratifie la Commune de Dippach d'une légère augmentation des recettes par rapport à la situation antérieure. En examinant la liste des recettes par habitant, nous constatons que la Commune de Dippach se retrouve à la 101e place sur 105 communes. Il n'y a donc que 4 communes qui touchent encore moins par habitant. Pas de quoi se réjouir et d'émettre des éloges pour la réforme comme le fait la majorité.

/// NEI SCHOUL

D'MAJORITÉIT SUERGT NET FIR EIS BEHËNNERT MATBIERGER

Eis Gemeng Dippech huet zënter dem Mount September eng ganz schéin nei Schoul fir eis Kanner. Et gëtt awer e Problem. Obschonn et ëmmer méi Integratioun vu Kanner mat Handicap an eiser Grondschoul wäert ginn, gëtt et keng Méiglechkeet fir sech mat engem Rollstull tëschent der Maison Relais an der Schoul ze deplacéieren. Trapen mat am ganzen 28 Träppleker ass deen eenzege Wee tëschent den zwee Gebaier, et sief dann, et mécht een den Tour baussen erëm laanscht d'Strooss, en Ëmwee vu +/- 400 Meter. Et ass keng Rampe an keen Lift fir Rollstill virgesinn. Wou kann een esou eppes vergiessen?

Grad esou schlëmm ass et och fir Elteren, déi mam Auto op Eltereversammlunge kommen an déi sech musse mat enger Géhëllef oder mat engem Rollstull deplacéieren. Si hunn keng reservéiert Plazen virun der neier Schoul a mussen vum eenzegen Parking, fir d'éischt eng Trap mat 14 Träpplecker erof goen an dann 170 m biergop bis bei d'Schoul zréckleeën. Och do wär een Entgéintkommen zu den Leit mat ageschränkter Mobilitéit déck néideg. Dobäi wär et einfach méiglech reservéiert Plazen um Rand vum Parvis bei der Haaptentrée z'installéieren.

LA MAJORITÉ IGNORE LES BESOINS DES PERSONNES HANDICAPÉES

La commune de Dippach dispose depuis le mois de septembre, d'un très beau bâtiment d'école pour l'enseignement fondamental. Il y a cependant un hic ! Il n'y a aucune possibilité pour une personne handicapée de se déplacer en chaise roulante entre l'école et la maison relais. Monter ou descendre des escaliers avec 28 marches en tout est le seul moyen de faire ce déplacement, à moins de faire le tour du campus scolaire, soit un détour de +/- 400m. Aucune rampe ni aucun ascenseur n'ont été prévus. C'est incompréhensible! Quel oubli!

Un autre fait aussi grave est que les parents d'élèves à mobilité réduite n'ont pas de places de parking réservées devant l'école lorsqu'ils se rendent aux réunions de consultations des parents. Ils sont obligés de se garer sur le parking en contrebas de l'école, de prendre un escalier de 14 marches pour rejoindre le trottoir qui longe l'école et de remonter la forte pente jusqu'à l'entrée de l'école. Le tout est un trajet de 170 mètres ! Un peu plus d'égard vis-à-vis des personnes à mobilité réduite serait de mise ! En effet, il serait assez simple d'installer une ou deux places réservées aux personnes handicapées juste à côté de l'entrée principale de l'école.

TOUTES LES PHOTOS ET ACTIVITÉS SUR NOTRE SITE INTERNET

www **DIPPECH.CSV.LU**